1 500 Euro fir en Hëllefswierk

Schüler vun Houwald Plateau ganz aktiv

Beim „Bonnievale-Project“ *a Südafrika gi Kanner am Alter vun 18 Méint bis 15 Joer schoulesch an ausserschoulesch encadréiert.*

Houwald. Viru kuerzem wor an der Schoul um Houwald Plateau eng grouss Ausstellung zum Thema „Mäi Lëtzebuerg“. Vum Cycle 1 bis 4 gouf gemoolt, gebastelt, gesongen, Texter geschriwwen, gebak a gekacht. De Kanner hir Elteren konnte sech alles an enger flotter Atmosphär ukucken an déi eng oder aner kulinaresch Lëtzebuerger Spezialitéit kafen.

Op dës Manéier sinn 1 500 Euro zesumme komm, déi den C1 bis C4 vum Houwald Plateau dem „Bonnievale-Project“ gespent hunn.

Dëst ass e Lëtzebuerger Projet a Südafrika, an deem momentan ëm 150 Kanner am Alter vun 18 Méint bis 15 Joer schoulesch an ausserschoulesch encadréiert ginn. D'Haaptzil ass d'Verbesserung vun de Liewenskonditiounen vun de Jonken, déi am Slum vu Bonnievale, dem Plakkerskamp, wunnen.

D'Kanner kréien Accès op eng Identitéit, wat hinnen de Wee an eng ëffentlech Schoul erméiglecht. Duerch Educatioun, Sécherheet, Hygiène an Encadrement soll de Kanner a Jugendlechen op dës Manéier eng Basis geschafe ginn fir spéider an der Beruffswelt Fouss ze faassen.

D'Léierin Isabelle Loewenstein aus dem Cycle 1 vum Houwald Plateau wäert am Summer 2016 selwer op d'Plaz goen an dohannen eng Hand mat upaken an op dëser Plaz vun hiren Erfahrungen um Bonnievale-Project erzielen.

(Francis Faber via mywort.lu)